ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 10. November 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

D'Buergermeeschtere vu Luerenzweiler a Steesel reagéiere ganz empfindlech op Pläng vu Creos fir eng Héichspannungsleitung iwwert den Heeschdrëffer Plateau an duerch de Gréngewald ze féieren. Esou e Projet werft eng Rëtsch generell mee och punktuell Froen op, déi ech hei wëll stellen:

1. Wéi entwéckelt sech de Stroumverbrauch hei zu Lëtzebuerg an de nächste Joren, an zwar a) an engem Zenario, wou d'Land seng Klimaziler anhält, b) an engem Zenario, wou d'Hallschent vun den Autoen elektresch sinn?
2. Wéi vill vun deem Stroum kann hei am Land produzéiert ginn a wéi vill dovun duerch erneierbar Energien?
3. Gëtt et, nieft de Pläng, dës Leitung iwwert 60 bis 70 Meter héich Masten tëscht Luerenzweiler an Hënsdref ze spanen, en Alternativplang?
4. Wéi ass de Lëtzebuerger Staat finanziell un dem Projet bedeelegt?
5. Ass et méiglech fir dës Héichspannungsleitung ënnerierdesch ze maachen?
6. Huet eng ënnerierdesch Féierung Nodeeler géintiwwer enger Uewerleitung?
7. Wéi vill Beem géingen dëser Leitung zum Affer falen an a wéi enge Bëscher?
8. Wéi vill Beem misste bei enger ënnerierdescher Féierung ëmgeluecht ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten